## Erënnerungen aus der Ieweschter Schlënner

Datt et de friemen Touristen an eisem Land esou gutt gefällt, as besonnesch der Unzéiungskraaft vun dene ville klengen idylleschen a romanteschen Ecken an eisem Land ze verdanken. Et as nët déi grouss fräi Landschaft wéi an aner Länner, am Contraire, et as wiirklech dat Klengt an dat Rengt, wat ee frou mécht an ëmmer erëm unzitt.

Eng vun dene schéine Plazen an eisem „Département des forêts", wéi d'Franzousen eist Land emol genannt hun, as a bleift déi ieweschte Schlënner. Si as op eiser Landkaart bal esou grouss wéi eng aner Uertschaft agezeechent. Wien awer duer vill Haiser siche geet as am Iirtom.

Viru laanger Zäit stungen do dräi Haiser, elo awer nëmme méi zwee an eng kleng Kapell, déi der helleger Kunigunde geweit as a ganz majestéitesch op engem Hiwwel steet.

De 16. Juni 1985 as eng nei Klack fir d'Kapell gestëft gin an am Juni 1987 as eng nei Statu an déi kleng Nisch um ieweschten Altor gesat gin.

Et geet un ee wann een all Joër derbäi as, wann d'Leit vun alle Säiten erbäi iwer schmuel Pied a Bëschweeër erof an d'Schlënner kommen, fir enger aler Traditioun Folleg ze leeschten.

Am intressantsten as en Tour zu Fouss vun der Giewelsmillen durech déi ënnescht Schlënner erop an d'ieweschte Schlënner . . .

E gutt Stéck onberéiert Natur gët engem Geleeënheet, déif ze ootmen. Nëmmen d'Vigel an d'Geplätscher vun der Schlënnerbach laanscht de schmuele Wee ënnerbriechen eng verdreemt Rou . . .

Déi meescht vun all denen, déi de Wee an d'ieweschte Schlënner sichen a fannen, wëssen nët, wat fir eng grouss Roll déi zwee Haiser, d'Kapell an och déi Tännebëscher ronderëm, am leschte Weltkrich gespillt hun . . .

An all dene Bëscher ronderëm d'Schlënner haten d'Refraktäre Bunkeren an de Buedem gegruewen. D'Preisen hu grouss „Razziaen" gehal, wou et och emol ganz brenzleg fir d'Jonge gin as . . .

Esou as am Hierscht 1943 de Refraktär Fritz Levèque duerch d'Kugele vun engem däitsche Fieschter gefall, wéi en an der „Schwäikaul" (en Deel vun der Schlënner) um Wee wor, fir eng Kommissioun ze maachen. Am Mee 1943 wor ech selwer an der Schlënner am Haus Bernar verstoppt a mat knapper Nout der Verhaftung entgaang. A méngem éischte Buch „De Krich am Ënnergrond" hun ech an allen Eenzelheten doriwer geschriwen. No mär sutzen an dem selwechten Haus de Misch Bernar an de Schwirtze Mill. Si konnten sech duerch Daachliicht ewech maachen an am Bësch verstoppen, wéi d'Gestapo am Haus wor, fir dem Misch säi Papp an séng Schwëster ze verhaften . . .

## Vun der Gestapo iwwerrompelt

Nët esou gutt as et de „Bewunner" vun deem aneren Haus gaang, dat ënnen an der Schlënner läit . . .

D'Famill Kohn vun Esch-Uelzecht hat 5 Kanner, 4 Jongen an 1 Meedchen. Dräi vun de Jonge wore bei dene 7 Joërgäng, déi sollten hëllefen, „Grossdeutschland" ze retten.



*Der Bomi hiirt Haus an der ieweschter Schlënner, wou d'Gestapo 4 Jongen iwerrompelt hat*



*Lénks d'Fënster, wou de Pierre KOHN erofgesprongen as an d'Bee gebrach huet*

De Léo Kohn, gebuer den 18. 5. 1922, wor agezun an no kuerzer Ausbildung un d'Front geschéckt gin. Um Transport as hien zu Berlin fortgelaf, wéi d'Engländer d'Reichshauptstadt bombardéiert hun. Hien huet sech duerchgeschloen, wat eng grouss Leeschtong wor, an as gutt hei zu Lëtzebuerg „gelant„.

Mat him woren nach zwéi Komeroden desertéiert, de Scheiben Marcel vun Esch an den Dondelinger René vu Näerzéng. Awer fir gläich eng Stopp ze fannen, fir déi dräi, dat wor nët esou einfach.

Séngem Brudder Pierre Kohn as agefall, datt dër Bomi hiirt Haus an der ieweschter Schlënner eidel stoe géng an eventuell eng gutt Stopp wär. Hie wor kënneg do, wëll hien do gebuer wor . . .

Et as eng Zäit lang gutt gaang, awer et wor vu vireran eng ganz riskéiert Saach, wëll d'Preisen op esou ofgeleë Plaz besonnesch schaarf opgepasst hun . . .

Wann een an engem Haus eppes kacht, dann dämpt och gewéinlech de Schminni an de Geroch vum Holzfeier as de Preisen, déi op den Héichten op der Lauer lugen, an d'Nues gaang. Si hu ganz gutt gewosst, datt dat Haus virdrun eidel stong.


Bei enger „Blëtzaktioun" haten eis 4 Jongen emol keng Chance krit, fir an de noë Bësch ze lafen.

De Pierre, dee jo nët wehrpflichtteg wor, wollt d'Preisen oflenken an huet versicht fortzelafen an zur Fënster erauszesprangen. Hien as awer dobäi um knubblege Buedem esou schlecht opkomm, datt hien e Bee gebrach hat.

D'Preisen, déi jo ouni Auto komm woren, fir datt keen si sollt héieren, hu kä Pardon kannt. De Pierre huet musse mat deem gebrachene Bee bis op d'Giewelsmillen „humpelen", wat een sech emol muss virstellen. De Marcel, de Léo an de René woren uneneegebonnen a konnten de Preisen nët fortlafen . . .




Pierre KOHN,
gestuerwen zu Mauthausen de 15. 4. 45



De Papp J.P. KOHN,
gestuerwen zu Mauthausen de 28. 4. 44



De Léon KOHN, vun de Preisen erschoss zu Dietz an der Lahn den 20. 10. 44



Mathias KOHN

## Leed a Misär vun der Famill Kohn

Wat eis 4 Jongen vun elo un hu mussen erdroen, kenne mär jo aus genuch anere Fäll. Wat de Pierre nach zousätzlech huet mussen ausstoe wéint dem gebrachene Been, as nët ze beschreiwen . . .

Hien as wéint „Beihilfe zur Fahnenflucht und Wehrkraftzersetzung" zu 10 Joër Zuchthaus veruurtelt gin a koum op Mauthausen, wou hien de 15. Abrëll gestuerwen as . . .

De Papp Kohn as vun de Preisen zu Esch op der Schmelz iwwerrompelt a verhaft gin. Der Gestapo hir „Behandlung" an dene ville Verhéier hu séng Widderstandskraaft gebrach. Hien as den 28. Abrëll 1945 un der Folleg vun deër brutaler „Behandlung" zu Mauthausen gestuerwen. D'Madame Marie Kohn-Mersch, séng Fra an de Jongen hir Mamm, as och verhaft gin an op Ravensbrück verschlääft gin.

An deër Zäit as d'Rei un de Mathias Kohn kom. Hien as de 4. 10. 1943 an den Arbeitsdienst agezu gin. D'Hakekräiz, dat si him op den Arem vu sénger Uniform gebitzt haten, huet him nët absëns gefall . . .

Séng Décisioun wor fest, an den 11. 10. 1943, also no 6 Deg huet hie sech mat nach dräi aner Komeroden nuets am Pyjama op d'Sich no der Schwäizer Grenz gemaach. Si haten et bal gepackt, wéi d'Feldgendarmerie hinnen de Wee „verspaart" huet. Si sin zréck an d'Lager transportéiert gin an duerno op Salzburg fir 3 Méint an de „Kittchen" . . .

Déi dräi Méint, wou hien sech kengesfalls am Prisong konnt ausraschten, huet hien am RAD mussen nohuelen, wat him säi Gléck wor, wéi et sech spéider erausgestallt huet.

Wéi hie vun do erëm heemkoum, wor de Joërgank 1925 ouni hien an déi preisesch Kasäre geruff gin, wat hien awer guer keng Grimmel traureg gemaach huet . . .

Hien as zréckgesat gin an huet „vorübergehend" séng Aarbecht op der Schmelz erëm opgeholl. Séng Aarbecht am Walzwierk op der Drotstrooss wor geféierlech a schwéier . . .

## Trotz dem grousse Leed einfach a verleën

Wéi ech de Mathias Kohn, deen a ménger Noperschaft wunnt, opgesicht hun, fir mat him iwer séng Famill ze schwätzen, wor hie ganz objhektiv an trotz deem ville Leed, dat séng Famill am leschte Krich erdroen huet, wor hien nët gehässeg.

Séng Mamm, déi am K.Z. Ravensbrück esou villes iwer sech huet mussen ergoe loossen, as 1970 an d'Foundatioun Marie Muller-Tesch wunne gaang, well d'Kanner, déi hir nach bliwe woren, sech en eegne Stot gegrënnt hun. Si as am Joër 1982 gestuerwen.

De René Kohn, am Joër 1928 gebuer a séng Schwëster, déi nët vun de Preise verhaft wore gin, woren an der Wunnéng bliwen.

De Papp J.P. Kohn wor bei sénger Verhaftung aktive Member vun der Resistenz-organisatioun L.R.L. (Lëtzebuerger Roude Léiw).

D'Resistenzler hun d'Famill, oder besser gesot, déi nach vun der Famill Kohn iwreg bliwen an ouni Verdéngscht woren, nët am Stach gelooss. All Mount luch wéinegstens eemol eng „Enveloppe" ënner der Dir. Dofir seet de Mathias Kohn am Numm vu sénger Famill der Resistenz nach haut, no esou ville Joëren: MERCI.

Si, déi duerch hiren Asaz an hiirt Leed gehollef hun eis Fräiheet ze erkafen, sin esou bescheiden a soe Merci, wou mär dach alleguer hinnen dat schëlleg sin...



*D'Grande-Duchesse besicht d'Fondatioun Marie Muller-Tesch, d'Madam KOHN huet dem Éieregaascht Blummen iwerrecht*

## Schwéier Schicksalsschléi

Wann eng Persoun oder esouguer eng ganz Famill am Liewen zimlech vum Pech verfollegt as, gët dat als haarde Schicksalsschlag betruecht.

Wann een awer un d'Joëre 40-45 vum leschte Weltkrich zréckdenkt, an 't bliedert een e wéineg an dene Bicher, déi bis elo iwer déi Zäit geschriwwe si gin, fir all dat festzehalen, wéi et deemools wor, da fënt een eraus, datt et tatsächlech Familje gi sin, déi et deërmoossen haart getraff huet, andeems aner Gottes Waasser iwer Gottes Land lafe gelooss hun a verhältnisméisseg gutt ewech kom sin ...

Déi, déi sech haut nët esou intensiv mat eiser Geschicht vun eisem Land zu deër Zäit befaassen, génge poulriicht behaapten, datt déi vill Verhaftunge meeschtens duerch ege Feler oder duerch d'Mêmberschaft an enger Resistenzorganisatioun zréckzeféiere gewiescht wären.

No méi genee „Recherche" fënt een da Familjen, déi näischt mat enger Resistenzorganisatioun ze dun haten, awer op Grond vun irgend enger däitscher „Verordnung" deemools mat dem Naziregime a Konflikt gerode sin.

Eng vun dene sëlleche Verordnunge wor sonner Zweifel déi vum 30. August 1942, wou de Gauleiter d'Wehrpflicht hei zu Lëtzebuerg proklaméiert huet. Déi Verordnung eleng huet onheemlech vill Misär an eis Lëtzebuerger Familjen an iwer eist d'ganzt Land bruecht.

All déi Schwiregketen, déi duerch dës Verordnung entstane sin, hu mussen iwwerwonne gin beim Verstoppe vun de Jongen oder fir si iwer d'Grenz ze bréngen. Si sin haut nët méi ze beschreiwen, wëll all dat ënner grousser Liewesgefor huet musse gemaach gin. Ouni awer och nach un d'Familje selwer ze denken, déi betraff woren an hir Jongen oder hir Medercher hu mussen hiergin . . .

Kann een sech haut iwwerhaapt nach virstellen, wat eng Mamm am Häerz gespuert huet, wann si een, zwéin oder esouguer dräi aus hirer Famill huet mussen hiergin. An dann all dat Baangen an déi Ongewëssheet iwer de Kanner hiirt Schicksal. Wann ee versicht duerch Schreiwe vu Bicher e wéineg Liicht an déi donkelst Zäit vun eiser Geschicht ze bréngen, dann erlieft een och nach haut Saachen, déi uerg un ee gin.

Bei ménge „Recherchen" a méngem Nofroë geschitt et och emol, datt ech op Monumenter oder op Erënnerungsplacken Nimm vu Persoune muss siche goen, déi bal vergiess sin, wëll kee méi vun der Famill ze fannen as.

Améngen zwee Bicher virdrun hun ech schons iwer esou eenzel tragesch Schicksaler vu Familje geschriwen, wou deen een oder esouguer déi zwéin eenzeg Jonge gefall, erschoss oder op soss eng Art a Weis vun den Nazien ëmbruecht si gin.

Datt et och Familje gi sin, wou dräi Jongen ënner déi onglécklech 7 Joërgäng gefall sin, fir den däitsche Wehrmachtskader opzefëllen . . .

An der klenger renglecher Uertschaft Garnech am Kanton Capellen steet e léift klengt Monument niewent der Kiirch . . .

IN TE DOMINE
ESPERAVI

gestuerwe fir D'Hemecht . . . dono 7 Nimm. Ënner dene 7 Nimm sin dräi Bridder aus der Famill Dousemont, déi zu Héiwéng gewunnt hun.

| | |
|---|---|
| DOUSEMONT Albert | 7. 4. 20 - 17. 10. 43 |
| DOUSEMONT Joseph | 27. 2. 22 - 4. 1. 45 |
| DOUSEMONT Nicolas | 9. 4. 25 - 5. 10. 44 |

D'Mamm vun denen dräi Jongen, eng gebuere Back Elise konnt d'Doudesannonce fir hir dräi Jongen nët méi opsetzen. Si as den 2. 11. 42 am Alter vu 46 Joër vu Leed gestuerwen, wéi deen Eelsten agezu gin as.


Déi zwee Medercher, d'Irma an d'Marguerite liewen nach a si bestued. D'Marguerite huet sech um Enn vum Krich ëm séng kleng Schwëster gekëmmert. Vun hir sin ech och gewuer gin, datt hire jéngste Brudder zum Schluss vum Krich an Dänemark wor. Vun do sollt séng Kompanie an Italien agesat gin. Ënnerwee as hiirt Schëff torpédéiert gin. Et as kee mam Liewen dervukomm. En ombarmhäerzegt Schicksal, ausgeléist duerch eng expansiounsgireg Nazidiktatur, déi domat eng ganz Famill zerstéiert hun . . .

Wéi liicht gin esou schrecklech Saachen am Laf vun de Joëre verdrängt a vergiess. Fir datt dat alles lieweg bleift, sollen all déi, déi vun esou ergräifende Schicksaler wëssen, alles ënnerhuelen, fir datt déi Generatiounen no äis dovunner genee informéiert gin, fir datt an der Zukunft keng esou schrecklech Saache méi virkommen.

D'Marguerite, denen 3 Jongen hir Schwëster, huet mär alles gesot, wat hatt gewosst huet, et wor nët vill. Aus hire Bréifer aus der Friemd konnt ech dat meescht erausliesen. Et wor ganz schwéier, wëll d'Bréifer woren honnertmol zerfaalt an op dem bronge Papeier a mat Bläistëft geschriwwen as nët méi vill ze entzifferen.

Deen eelsten, den Albert, wor mat sénger „Einheit" zu Shilitschi beim Dnjepr agekesselt gin an as do gefall. E Komerod, dee mat dem Liewen dervu kom as, huet sech d'Méi gemach, op Grond vu Notizen eng Zeechnong ze maachen, wou den Albert gefall a begruewen as.

Aus de Bréifer, déi di dräi Bridder un hir Schwëster geschéckt hun, kann ech däitlech erausliesen, wéi si no heem verlaangert hun.




D'Monument-aux-Morts zu Garnech, wou d'Nimm vun denen dräi Bridder dropstin

O. U. den 13. Mai 1943.

Liebe Schwester!

Ich teile Dir jetzt mit, daß ich jetzt erst das schon so lang ersehnte Packet erhalten habe ohne eine Beschädigung. Inhalt war bestehend aus feinen Küchlein und Wurst aber etwas fürs Mäulchen. Daher ließ ich mir auch alles gut schmecken. Nun meinen besten Dank für denjenigen der sich die Arbeit gemacht hatte das feine Gebäck herzustellen. Aber eines ist nur der Fehler die Päckchen sind zu lange unterwegs ehe sie ans Ziel kommen. Rechne aus wann du ihn weggeschickt hast bis zum 12. Mai ich glaub das ist ganz genau ein Monat. Ferner hab ich auch schon 1 Päckchen von 100 gr mit Zigaretten erhalten 2 p. Africaine u. 2 p. Rot Siegel aber von wem, das

enn hier kostet 1 kg weißbrot zwölf Zloty, daß sind sechs mark deutsches Geld. Das einzige was ich mir noch von zu Hause wünsche, das sind ein paar Päckchen Zigaretten und einen Lebkuchen wenn du kannst, denn wir sehen uns doch nie wieder, <u>denn wir können jeden tag damit rechnen daß das Schicksal uns treffen kann.</u> Also wenn du kannst schick schnell noch ein paar Zigaretten und einen Lebkuchen. Und wie geht es sonst zu Hause, was macht die Irma, <u>wann</u> ~~wird der~~ Kc. aus dem R.A.D. entlassen, wenn ihm auch schwer fällt das ist nichts, die Zeit hat er jetzt gleich vorbei und dann ist er wieder zu Haus für eine Zeit lang, ich glaub nicht daß er noch eingezogen wird und wenn er auch noch eingezogen wird, er macht auf jedenfall nicht mehr mit, <u>was ich noch mit machen muß.</u> Also ich will schließen und erwarte bald was von zu Hause.

Es grüßt und küßt Sie herzlich
Euer Bruder Josef.